N°4220
Entrée le 08.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4220 vum 9. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

*1. Wéi vill Reklamatiounen betreffend feelend, onvollstänneg oder net accessibel Krankenakten sinn dem Ministère bekannt aus deene leschten 10 Joer?*

Esou Signalementer kënnen un ënnerschiddlech zoustänneg Instanze geriicht ginn, wéi d'Gesondheetsdirektioun, de *Collège médical* oder de *Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé*. Et gëtt kee konsolidéierte System fir Reklamatiounen, déi sech spezifesch op feelend, onvollstänneg oder net accessibel Patientendossiere bezéien, zentral ze erfaassen.

Als Beispill behandelt de *Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé* all Joer tëscht 30 a 40 Ufroen am Zesummenhang mam Accès op de Patientendossier. Dobäi handelt et sech gréisstendeels ëm Informatiounsufroen. Manner wéi 10 vun dësen Ufroe pro Joer betreffen net iwwermëttelt Patientendossieren. Dës Zuel geet zanter e puer Joer zréck.

*2. Wéi steht d'Ministesch zur Ausso vun der Patiente Vertriedung, dass dat heiten keen Eenzelfall ass?*

Vereenzelt kënne Problemer am Zesummenhang mat der Gestioun, der Opbewahrung oder der Disponibilitéit vu Patientendossiere virkommen. Op Basis vun den Informatiounen, déi virleien, kann de Ministère awer net dovun ausgoen, datt et sech ëm e generaliséierten oder systeemesche Problem handelt.

*3. Wéi garantéiert d'Regierung d'Vertrauen an de Lëtzebuergesche Gesondheetssystem a wéi sollen d'Patient:innen zu Lëtzebuerg an de Gesondheetssystem vertrauen, wann se esou tragesch Artikelen iwwert de lëtzebuergesche Gesondheetssystem liesen?*

D'Vertrauen an de Gesondheetssystem baséiert op enger Rei vu Mesuren, déi d'Qualitéit vun de Fleege- a Gesondheetsleeschtungen an d'Sécherheet vun de Patiente garantéiere sollen. Dozou gehéieren notamment e klore gesetzlechen a reglementaresche Kader (Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Rechter an d'Flichte vum Patient a Gesetz vum 8. Mäerz 2018 iwwert d'Spidolsetablissementer an d'Spidolsplanung), d'deontologesch Reegele fir Gesondheetsberuffler, souwéi extern Evaluatioune vun de Spidolsetablissementer.

An deem Zesummenhang kënnen ënner anerem follgend Elementer genannt ginn (net exhaustiv Lëscht):

- d'Recht vum Patient op Accès op säi Patientendossier;
- d'Flicht fir d'Gesondheetsberuffler, e kompletten, korrekten a reegelméisseg aktualiséierte Patientendossier ze féieren;
- d'Méiglechkeet, sech un de *Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé* ze wenden;
- d'Mechanisme fir Suggestiounen, Reklamatiounen a Plainte bannent all Spidol;
- d'Prozedur vun der Gesondheetsdirektioun fir Plainte betreffend allgemeng Mëssstänn oder Dysfonctionnementer an engem Spidolsservice ze behandelen;
- d'Ëmsetzung vu Qualitéitssécherungsmoossnamen an de Spideeler, notamment duerch extern Evaluatiounen an Akkreditéierungsprozesser.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Donieft dréit och d'Aféierung vum *Dossier de soins partagé* (DSP) dozou bäi, d'Traçabilitéit, d'Opbewahrung an d'Accessibilitéit vun de medezineschen Donnéeën ze verbesseren.

*4. Kann d'Regierung ausschléissen, dass déi am Artikel beschriwwe Problemer zu den Krankenakten haut nach ëmmer virkommen?*

Eng Rei vu wichtege Mesuren hunn dozou bäigedroen, d'Risike vu verluerenen oder onvollstännege Patientendossieren däitlech ze reduzéieren. Dozou gehéieren notamment Entwécklungen am Beräich vun der Digitaliséierung vun de Gesondheetsdaten, der Standardiséierung vun den Dokumentatiounspraktiken souwéi der Präziséierung an der Verstäerkung vun de gesetzlechen Obligatiounen.

*5. Wat sinn haut d'Konsequenzen, wann eng Krankenakt feelt, onvollstänneg ass oder no engem medezineschen Incident net méi komplett rekonstruéiert ka ginn?*

E vollstännege Patientendossier erlaabt de medezinesche Parcours vum Patient ze retracéieren andeems déi dokumentéiert Informatiounen d'Faite vun der Prise en Charge duerstellen. Souwuel fir de Patient wéi fir de Gesondheetsberuffler besteet en Interêt a kënne Konsequenzen entstoen, engersäits en vue vum medezinesche Suivi, an anerersäits aus medezinesch-juristescher Siicht.

*6. Wéi ënnerstëtzt eise Staat d'Affer vun esou trageschen Fäll, wéi dem Mann am Artikel? Op wat fir staatlech a gesellschaftlech Hëllefen kann eng Persoun an dësem Fall ziehlen, fir finanziell de Kapp kënnen iwwert dem Waasser ze halen?*

Verschidden Instanze sinn zoustänneg fir Reklamatiounen, Plainte a Doleancë vu Patienten entgéintzehuelen an ze behandelen. De *Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé* ka kontaktéiert ginn, fir Patiente bei hirer Demarche ze begleeden an, wann néideg, duerch eng Mediatioun zu enger Léisung bäizedroen. Ausserdeem kënne verschidden Associatiounen an Organisatioune Patienten informéieren, begleeden an orientéieren.

Doriwwer eraus gesäit de Koalitiounsaccord d'Schafung vun engem Fonds fir therapeutesch Aléas vir, deen aktuell analyséiert gëtt. Dëse Fonds soll et erlaben, Persounen, déi schwéier Schied am Kader vun enger medezinescher Behandlung erlieft hunn, wou keng medezinesch Feelerhaftung nogewise ka ginn, ënner bestëmmte Konditiounen z'ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez